## Quant à l'efficacité des CCI comme instruments d'intégration communale.

La loi d'intégration du 16 décembre 2008 **oblige toutes les communes** à mettre en place des commissions consultatives communale d'intégration. Le règlement grand-ducal du15 novembre 2011 prescrit 4 réunions annuelles pour ces commissions et la transmission des compte rendu à votre Ministère.

Même si le Groupe d'échange et de soutien en matière d'intégration au niveau local (GRESIL) joue un rôle dynamique, il ne peut remplacer les obligations découlant du règlement grand-ducal du 15.11.2011

### Les questions du député Sven Clement et les réponses de la Ministre de la Famille et de l'Intégration (QP 1909)

Traduction du Luxembourgeois et résumé: sk

| Questions | Réponses |
|---|---|
| combien de communes vous ont fait parvenir des compte rendus de leur CCI en 2019,<br>combien de communes ont satisfait en 2019 à l'obligation des 4 réunions annuelles, | En 2019 il y a 22 communes qui ont fait parvenir les (4) compte rendus prévus (sur un total de 102 commues), certaines ayant eu plus de 4 réunions |
| combien d'administrations communales ont satisfait à la mission énoncée à l'art 1.:<br>*L'avis de la commission est demandé par le conseil communal sur:*<br>*– les mesures d'accueil et d'intégration dans la commune;*<br>*– la sensibilisation des étrangers en vue de leur participation aux élections communales;*<br>*– les règlements d'utilisation des infrastructures sportives et culturelles de la commune.* | Le Ministère ne dispose pas de ces informations ; impossible de le savoir à partir des compte rendus reçus.<br>Le Ministère a affecté un fonctionnaire supplémentaire au Département Intégration pour le suivi des communes |
| le nombre de communes ayant mis en place un PCI, (Programme Communal d'Intégration) | A l'heure actuelle 39 communes ont un PCI respectivement sont en phase d'élaboration d'un PCI, |
| le nombre de communes ayant bénéficié d'une aide financière de votre Ministère pour la mise en place d'un PCI, | 16 communes bénéficient d'aune aide financière du Ministère pour leur PCI |
| l'éventualité d'un échange de bonnes pratiques entre les communes en matière de PCI. | Depuis 2018 le GRESIL assume e.a. ce rôle, y participent pur l'essentiel des membres des CCI |
| envisagez – vous une refonte de la loi d'intégration et dans l'affirmative dans quels délais ? | La réforme de la loi d'intégration figure au programme gouvernemental et sera réalisée |

Ci-dessous les documents officiels relatifs à la Question parlementaire

PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
20 FEV. 2020
1909

Lëtzebuerg, den 20/02/2020

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Famill an Integratioun weiderzeleeden.**

D'Integratiounsgesetz vum 16ten Dezember 2008 verflicht all Gemeng eng „commission consultative communale d'intégration“ ze hunn. De Reglement Grand-Ducal vum 15ten November 2011 preziséiert, dass des Kommissioun 4 mol d'Joer aberuff an de Rapport vun deem Zesummekommen un de Ministère fir Integratioun geschéckt sollt gi.
En anert Instrument, wat vun de Gemenge benotzt ka ginn, ass de „Plan communal Intégration“ (PCI).

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi vill Gemengen,
   - hunn dem Ministère am Joer 2019 déi virgeschriwwe Rapporten zoukomme gelooss?
   - sinn hire Verflichtungen nokomm an hunn déi 4 Versammlungen aberuff?

2. Wéi vill Gemengeréit sinn de Missioune vum Artikel 1 (2) vum Reglement nokomm?

3. Wéi kontrolléiert de Ministère, ob den Avis vun der Kommissioun bezüglech folgende Punkte gefrot gi ass:
   - Der Opnam- an Integratiounsmesuren an der Gemeng
   - Der Sensibiliséierung vun de Migranten un de Gemengewalen deelzehuelen
   - Matdeele vun de Reglementer iwwert d'Benotze vun de sportlechen a kulturellen Infrastrukture vun der Gemeng

4. Wéi vill Gemengen hunn en PCI opgesat a wéi vill hunn an deem Kader vun enger finanzieller Hëllef profitéiert?

5. Ass et virgesinn, dass d'Gemengen hiren erfollegräiche PCI mat anere Gemengen deelen?

6. Gëtt d'Integratiounsgesetz an noer Zukunft un déi haiteg Erausfuerderungen ugepasst? Wann jo, wéini ?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 21 février 2020

Objet : Question parlementaire n° 1909 du 20.02.2020 de Monsieur le Député Sven Clement - Mesures d'intégration des communes

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Pour le Président

Mars Di Bartolomeo
Vice-Président de la Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, de l'Intégration
et à la Grande Région

Réf. 2020/1897

*Dossier suivi par :*
*Dominique Faber*
*Tél : 247 86540*

Luxembourg, le 25 MARS 2020

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
25 MARS 2020

Le Ministre de la Famille et de l'Intégration

à

Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

**Concerne :** question parlementaire n° 1909 de Monsieur le Député Sven Clement

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire tenir en annexe la réponse du Ministère de la Famille, de l'Intégration et à la Grande Région à la question parlementaire n° 1909 de Monsieur le Député Sven Clement, en vous priant de bien vouloir la transmettre à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments respectueux.

Le Ministre de la Famille et de l'Intégration

Corinne CAHEN

12-14, avenue Emile Reuter
L-2420 Luxembourg

Tél. (+352) 247-86500
Fax (+352) 247-86570

Adresse postale
L-2919 Luxembourg

www.gouvernement.lu
www.luxembourg.lu

**Äntwert vun der Familljen- an Integratiounsministesch op d'parlamentaresch Fro n°1909 vum Deputéierte Sven Clement iwwert d'commissions consultatives communales d'intégration.**

**1)**

Am Joer 2019 hunn d'Integratiounskommissiounen aus 22 Gemengen dem Ministère déi virgeschriwwe Rapporten zoukomme gelooss. Dobäi huet eng Rei vun dësen Integratiounskommissioune méi Sëtzungen aberuff, wéi dat vum Reglement Grand-Ducal virgesinn ass, woubäi aner Gemengen sech un de Minimum vu 4 Sëtzunge gehalen hunn.

**2) + 3)**

De Familljeministère huet dës Informatioun net, well et net méiglech ass un Hand vu Rapporten ze wëssen, wéivill Gemengeréit de Missioune vum Artikel 1 (2) vum Reglement nokomm sinn, respektiv op den Avis vun der Integratiounskommissioun zu deene genannte Punkten gefrot gouf.

Den neien Integratiounsdepartement vum Familljeministère huet sech awer duerch d'Schafe vun engem Posten, deen sech nëmmen ëm d'Gemengen këmmert, d'Moyene ginn, fir enk mat de Gemengen zesummenzeschaffen, si ze ënnerstëtzen an an hire Beméiungen d'Zesummeliewen op lokalem Niveau weiderbréngen, ze begleeden an och um Terrain aktiv ze sinn. Sou kann sech e Bild gemaach ginn iwwer dat, wat d'Gemengen aktuell schonn ëmsetzen; et kënne Verbesserunge virgeschloe ginn, Iddie vun enger an déi aner Gemeng weidergi ginn an et kann och identifizéiert ginn, wat déi eenzel Besoinen um Terrain sinn.

**4) + 5) + 6)**

Am Moment hunn 39 Gemengen am Land e PCI opgesat oder sinn amgaang drun ze schaffen. Vun dëse Gemengen hunn der bis elo 16 vun enger finanzieller Hëllef profitéiert. Eng Rei anerer hunn hire Wëlle matgedeelt op de Wee vun engem PCI ze goen. Vill Gemenge sinn elo scho ganz aktiv am Beräich vun der Integratioun, och wann si hir Aktioune bis elo nach net an engem méi formellen PCI strukturéiert hunn. Wa Gemengen dat froen, dann ënnerstëtzt de Familljeministère déi Gemengen, déi e PCI hunn oder amgaang sinn een auszeschaffen. Och déi Gemengen, déi Wëlles hunn e PCI ze maachen, kënne vum Familljeministère ënnerstëtzt ginn. Eng Rei Gemengen, déi als „Syndicat intercommunal", respektiv als Entente zesummeschaffen, deelen esou hir Erfarunge mam PCI.

2018 ass de « Groupe d'Echange et de Soutien en matière d'Intégration au niveau Local (GRESIL)» an d'Liewe geruff ginn, un deem virun allem Vertrieder aus den Integratiounskommissiounen deelhuelen. Hei hunn d'Vertrieder aus deene verschiddene Gemengen net nëmmen d'Geleeënheet sech iwwer Aktivitéiten a Projeten an hire jeeweilege Gemengen auszetauschen, mee si kréien och Instrumenter an Iddie mat op de Wee, déi si sou oder an enger un hir Gemeng ugepasster Form kënne bei sech ëmsetzen.

D'Reform vum Integratiounsgesetz steet am Regierungsprogramm a wäert och duerchgefouert ginn.